

## Dossier 1

### Geschicht(en)

---

#### ■ De Kommentar zum Dossier 1

#### ■ Héiervestoen

- D'So vum Melusina

#### ■ Liesvestoen

- D'Festungsgeschicht vu Lëtzebuerg

#### ■ Mëndlechen Ausdrock

- Exposé iwwert eng Visitt

#### ■ Schrëftlechen Ausdrock

- Resumé vun enger So, engem Märchen, enger Fabel oder enger Legend

#### ■ Literatur

- D'Textzorte So, Märchen, Legend a Fabel

#### ■ Sprooch

- C. Mungen: *Dialekt oder Sprooch?*
- C.M. Spoo: *Heemechtssprooch*

# Kommentar Dossier 1

## Theema: Geschicht(en)

### Léierziler:

- en einfache Sachtext verstoen
- en einfache literareschen Text verstoen
- eng Erzielung an der Vergaangenheet verstoen
- eng Visitt generell an am Detail beschreiwen
- eng Handlung beschreiwen, zäitlech situéieren, resuméieren
- real oder imaginär Evenementer oder Persoune kloer beschreiwen

### Beschreibung vum Inhalt vum Dossier

Dësen Dossier sollt ee mat deem einfache Sachtext iwwert d'Festungsgeschicht ufänken. Duerno kann een op de Lauschertext vun der So vum Melusina iwwergoen. An deem Kontext ginn et da kuerz informativ Liestexter iwwert d'Textzorte So, Märchen, Fabel a Legend an eng Uleedung, wéi een e Resumé vun enger So oder engem Märche schreift. Fir déi mëndlech Produktioun gëtt proposéiert, eng Presentatioun vun enger Visitt vun engem Musée oder vun enger Ausstellung zum Theema Geschicht ze maachen. Dës Presentatiounen sinn natierlech net op d'Festungsgeschicht limitéiert, mee d'Apprenantë kënnen sech jee no Interessi en Theema eraussichen. Fir de Volet *Sprooch* ginn et zwee Texter, déi d'Geschicht vum Lëtzebuergeschen als Sprooch vum Land behandelen.

### Zousätzlech Iddien a Linken

Zum Theema Festungsgeschicht fënnt een hei weider Informatiounen:

- Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg a.s.b.l. ([www.ffgl.lu](http://www.ffgl.lu))
- Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ([www.mnha.lu](http://www.mnha.lu))
- Lëtzebuerg City Museum ([www.citymuseum.lu](http://www.citymuseum.lu))
- Musée Dräi Eechelen ([www.m3e.public.lu](http://www.m3e.public.lu))
- <https://www.visitluxembourg.com/fr/que-faire/art-culture/chateaux-fortifications>

Vun der So vum Melusina fënnt ee vill verschidde Fassungen, ë. a. vun dësen Auteuren op Lëtzebuergesch:

Roth, Lex: Melusina (Editions Guy Binsfeld, 2014)

Angel, Marc (Iwwersetzung): Nixe, Geeschter, Hexemeeschter. 30 Soen a Legendem, fréi nom Dicks (Editions Phi, 2005)

Wann een nach weider Informatiounen zur Sprooch an zum Sproochegesetz sicht, fënnt een dat zum Beispill hei:

<https://www.rtl.lu/kultur/news/a/1311296.html>

<https://www.land.lu/page/article/089/5089/DEU/index.html>

## Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn:

- d'Zäit ëm d'Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg am Éischte Weltkrich
- Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich
- Lëtzebuerg am Kontext vun der EG/EU

An deem Kader kéint een zum Beispill authentesch Temoignagë sammelen oder Temoignagë schreiwen, déi sech souwuel als Texter fir d'Héierverstoen wéi och fir d'Liesverstoen eegnen. Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument Aufgabestellung fir Héier- a Liesverstoen.

Jee no Interessé vun den Apprenantë kann d'Léierpersoun authentesch Material zu verschiddenen historeschen Evenementer oder Personagë proposéieren. Eng gutt Quell ass z. B. <https://play.rtl.lu/shows/lb/et-wor-emol-zu-letzebuerg/episodes>

Et gëtt och eng Rei Filmer, déi vun der Lëtzebuurger Geschicht (a verschiddenen Epochen) handelen. Hei eng Auswiel:

*D'Schatzritter an d'Geheimnis vum Melusina* (2012) vum Laura Schroeder

*Déi zwéi vum Bierg* (1985) vum Menn Bodson, Gast Rollinger a Marc Olinger (Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich)

*D'Fifties zu Lëtzebuerg* (2013) vum Andy Bausch

*Léif Lëtzebuurger* (2007) vum Ray Tostevin (iwwert der Grande-Duchesse Charlotte hiren Exil am Zweete Weltkrich)

*Schockela, Knätschgummi a brong Puppelcher* (2010) vum Andy Bausch (iwwert d'Amerikaner am Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg)

Fir de mëndlechen Ausdrock eegne sech zum Beispill Fotoe vun historesche Plazen, Evenementer oder Personagen, déi ee kommentéiere loosse kann, zu deenen ee Froe stellen a beäntwere loosse kann an zu deenen ee sech am Grupp austausche kann. D'Léierpersoun soll den Apprenantë Riedmëttel zur Verfügung stellen, fir déi mëndleche Produktioun ze strukturéieren.

Fir de schrëftlechen Ausdrock kann een zum Beispill e kuerze Bericht iwwert en historescht Evenement, dat entweder zu Lëtzebuerg oder an den Hierkonftslänner vun den Apprenanten eng Bedeitung hat, schreiwe loosse. D'Léierpersoun soll den Apprenanten e Mustertext respektiv „Scaffolding“ zur Verfügung stellen, fir déi schrëftlech Produktioun ze strukturéieren.

E Padlet eegent sech generell gutt, fir kleng schrëftlech Produktiounen ze sammelen, well jiddereen aus der Klass all d'Produktiounen gesinn an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserunge vun der Léierpersoun esou ukucken.

## Literaresch Texter

Zum Thema Geschicht gëtt et eng Hellewull literaresch Produktiounen. Am Kader vun dësem Dossier kéint een eventuell en Auszuch aus engem lëtzebuergesche Comic behandelen, fir déi komplex Matière op e bësse méi eng labber Aart a Weis eriwwerzebréngen. Dofir eegne sech zum Beispill *Vum Siggy bis bei d'City* (Roger Leiner & Lucien Czuga, Ville de Luxembourg & De Verlaach, 2015), *Fortifications: 6 Geschichten iwwer eng Stad ewéi keng aner* (D'Frënn vun der 9. Konscht, 2020) oder *WOOW!!! Lëtzebuerg* (Keong-a Song & Thomas Schoos, ed. Guy Binsfeld, 2017).

## Grammatesch Punkten

D'Thema bitt sech un, fir d'Vergangenheitsformen ze widderhuelen. Ausserdeem kann een op de Sazbau am Haapt- an am Niewesaz agoen, mat Fokus op d'Positioun vun deenen eenzelen Elementer (temporal, modal, lokal) am Mëttelfeld.

### Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2

Dossieren 1 - 3

INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023



All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) dierfe fir Unterrechtzwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se dierfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benutzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, dierfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)

Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)

Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig

Korrektorat: Myriam Welschbillig

Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité

Tountechnik: IP Luxembourg

Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)

Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grouse Merci un all déi Persounen, déi matgeholf hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-06-5



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

# D'So vum Melusina



© Wikimedia Commons



© Julie Conrad



© Wikimedia Commons



© Weyerdessign.lu



© <https://luxembourg.public.lu/en/emoxies.html>



© Serge Ecker

1. Wat gesitt Dir op dese Biller a Fotoen? Wat wësst Dir iwwert dës Figur? Deelt Är Informatiounen mat der Klass.

2. Liest d'Wieder a klärt de Vocabulaire. Lauschtert dann d'So vum Melusina a kräizt un, wat an dëser Versioun vun der Geschicht virkënn.



Personnagen an Déieren:

- e Ritter
- eng Hex
- den Däiwel
- e Päerd
- eng Nix

Evenementer:

- eng Hochzäit
- e Pakt
- e Stierffall
- e Versprieche
- eng Erléisung


Plazen:

- d'Uelzecht
- de Bockfiels
- eng Ruin
- e Schlass
- eng Kierch

Objeten/Accessoiren:

- eng Kroun
- e Schlëssel
- e Schlëssellach
- e Rank
- eng Buedbiden

3. Lauschtert d'So nach eng Kéier a bréngt d'Biller an déi richteg Reiefolleg.



4. Lauschtert d'So nach eng Kéier an notéiert e puer Stéchwieder oder Sazdeeler zu all Bild. Vergläicht duerno mat Ärem Noper / Ärer Nopesch.



### 5. Completéiert de Resumé unhand vun de Biller a mathëllef vun Ären Notizen.

#### *D'So vum Melusina*

D'So handelt vum Grof Siegfried a senger Fra, dem Melusina. Si spillt am Mëttelalter zu Lëtzebuerg um Bockfiels.

De Grof Siegfried gesäit enges Daags während enger Juegd bei den Iwwerreschter vun enger aler Bueg eng wonnerschéi Fra, d'Melusina.

Hien ass direkt \_\_\_\_\_ a geet duerno nach dacks an déi Géigend. Nodeems si sech fir d'éischt richtig begéint sinn, freet de Siegfried d'Melusina, \_\_\_\_\_ . Dofir muss hien awer zwou Konditiounen erfëllen: \_\_\_\_\_

\_\_\_\_\_ De Siegfried erfëllt déi Konditiounen, hien tauscht ee vu sengen Terraine géint de Bockfiels \_\_\_\_\_, fir direkt e Schlass do bauen ze kënnen. Hie léisst d'Melusina och eemol d'Woch eleng. Si kréien e puer Kanner a liewe jorelaang glécklech zesummen um Bockfiels.

Op Dränge vu senger Frënn brécht hien awer enges Daags säi Verspreechen a(n) \_\_\_\_\_

Do gesäit hien, datt hatt \_\_\_\_\_ .

Doropshin \_\_\_\_\_ d'Melusina \_\_\_\_\_ .

Just all siwe Joer \_\_\_\_\_ .



Literatur Textzorten



SA Resumé



©weyerdessign.lu / illustratioun: Anne Weyer

viru laanger Zäit	
Grof (m)	
Schlass (n)	
Jeeër (m)	
Juegd (f)	
enges Daags	
Dall (m)	
Floss (m)	
Fiels (m)	
eppes vu Wäitem gesinn	
verfalen	
Ruin (f)	
Iwwerrecht (m)	
Buerg (f)	
Ritter (m)	
sech op d'Sich maachen	
erblécksen	
versprieche	
schwieren	
sech un eppes halen	
Lännereien (pl)	
tauschen	
Pakt (m)	
Däiwel (m)	



den Dag drop	
Séil (f)	
sech zeréckzéien	
Wonsch (m)	
ustëppelen	
sengem Virwëtz widderstoen	
Schlëssellach (n)	
luussen	
Buedbidden (f)	
erféieren	
engem entgoen	
e Versprieche brieche	
mënschlech Gestalt (f)	
erléisen	

01 Viru laanger Zäit gouf et e Grof zu Lëtzebuerg, dee Siegfried geheescht huet. Hien huet  
an engem Schlass zu Käerch gewunnt an et gëtt gesot, datt hien e gudde Jeeër war. Enges  
Daags awer huet hie sech verlaf, wéi hien op der Juegd war. En ass op eng Plaz komm,  
déi hien nach net kannet huet, mee déi him direkt gutt gefall huet. Et war en enken Dall,  
05 duerch deen e kleng Floss gelaf ass an dee vun impressionnante Fielsen ëmgi war. Hie  
war am Uelzechtdall gelant an huet vu Wäitem de Bockfiels mat enger aler verfallener  
Ruin gesinn. Op eemol huet hien en herrleche Gesang héieren. Hien huet ronderëm  
gekuckt a probéiert erauszefannen, wou déi Téin hierkéimen, an dunn huet hien uewen op  
den Iwwerreschter vun der aler Buerg eng wonnerschéi Fra gesinn. Mat de leschte Strale  
10 vun der Owessonn ass déi Silhouette awer verschwonnen. Den dapere Ritter war och ze  
midd, fir sech op d'Sich no där Fra ze maachen, dofir huet hie sech an d'Gras geluecht a  
bis den anere Moie geschlof. Gutt ausgerout huet hien dunn ouni Problem den Heemwee  
fonnt. Vun deem Dag un huet et hien ëmmer méi dacks an dës Géigend gezunn, wou hien  
15 deem schéine Gesang vum Melusina nolauschtere konnt. Dat ass dem Melusina natierlech  
opgefall an hatt war frou, datt de Ritter ëmmer nees zeréck a säin Dall komm ass.

Nodeems dat eng Zäitchen esou gaange war, huet d'Melusina enges Daags am Dall op de  
Siegfried gewaart. Wéi de Siegfried hatt erbléckst huet, ass en direkt op hatt duergaangen  
an huet hatt gefrot, ob hatt hie bestuede wéilt. D'Melusina huet „Jo“ gesot, mee hatt hat  
20 zwou Konditiounen. Éischtens konnt hatt net vum Bockfiels fortgoen, an zweetens huet  
de Siegfried him misse verspriechen, hatt all Samschdeg eleng ze loossen. De Siegfried  
huet dës Konditiounen akzeptéiert a geschwuer, datt hie sech géif dodrun halen.

Fir d'éischt huet hie seng Lännereien zu Feele mat der Abtei\* St. Maximin vun Tréier  
géint den Terrain vum Bockfiels getosch, an duerno huet hien e Pakt mam Däiwel  
25 gemaach,  
fir direkt iwwer Nuecht e Schlass um Bockfiels kënnen ze bauen. Duerch dee Pakt konnt  
de Siegfried säi Melusina schonn den Dag drop bestueden an a säi Schlass féieren.  
Mee no drësseg Joer géing den Däiwel dofir dem Siegfried seng Séil kréien.

De Siegfried an d'Melusina hu laang Joren zesummen am Schlass um Bockfiels gelieft.  
30 Si hu Kanner kritt an haten e glécklecht Liewen. All Samschdeg huet d'Melusina sech  
a seng Kummer zeréckgezunn an de Siegfried huet dem Melusina säi Wunsch jorelaang  
respektéiert an ni gefrot, firwat hatt dat maache géif. Dem Siegfried seng Frënn allerdéngs  
hunn dat ganz komesch fonnt a si hunn hien ugestëppelt erauszefannen, wat seng Fra  
ëmmer samschdes an hirer Kummer mécht. De Siegfried konnt sengem Virwëtz net méi  
35 widderstoen, ass op Zéiwespëtze bei dem Melusina seng Dier gaangen an huet duerch

d'Schlëssellach gelusst. D'Melusina louch an enger grousser Buedbitten an huet seng laang blond Hoer gekämmt. Wéi hien awer méi genee gekuckt huet, ass hie fierchterlech erféiert. D'Melusina hat nämlech keng Been, mee e Fëschschwanz amplaz!

Dem Melusina war et net entgaangen, datt de Siegfried säi Versprieche gebrach hat.

40 Hatt ass aus der Fënster eraus an d'Uelzecht gesprongen an ass ni méi bei de Siegfried zeréckkomm.

Et gëtt awer gesot, datt d'Melusina nach ëmmer beim Bockfiels an der Uelzecht leeft an datt hatt all siwe Joer a mënschlecher Gestalt optrëtt a probéiert, een ze fannen, deem hatt erléise kann.

\* An der Opnam gëtt gesot, datt de Siegfried d'Lännereie mam Abbé St. Maximin getosch hätt. Dat ass net korrekt. De Bëschof Maximin vun Tréier ass am Joer 346 gestuerwen; den Tosch ass mat der Abtei St. Maximin gemaach ginn.

2. Liest d'Wierder a klärt de Vocabulaire. Lauschtert dann d'So vum Melusina a kräizt un, wat an dëser Versioun vun der Geschicht virkënt.

Personnagen an Déieren:

- e Ritter
- eng Hex
- den Däiwel
- e Päerd
- eng Nix

Evenementer:

- eng Hochzäit
- e Pakt
- e Stierfall
- e Versprechen
- eng Erléisung

Plazen:

- d'Uelzecht
- de Bockfiels
- eng Ruin
- e Schlass
- eng Kierch

Objeten/Accessoiren:

- eng Kroun
- e Schlëssel
- e Schlëssellach
- e Rank
- eng Buedbidden

3. Lauschtert d'So nach eng Kéier a bréngt d'Biller an déi richteg Reiefolleg.



©weydesign.lu illustratiounen: Pit Weyer

## 5. Completéiert de Resumé unhand vun de Biller a mathëllef vun Ären Notizen.

### D'So vum Melusina

D'So handelt vum Grof Siegfried a senger Fra, dem Melusina. Si spillt am Mëttelalter zu Lëtzebuerg um Bockfiels.

De Grof Siegfried gesäit enges Daags während enger Juegd bei den Iwwerreschter vun enger aler Buerg eng wonnerschéi Fra, d'Melusina.

Hien ass direkt *vun hir ugezunn / a si verléift* a geet duerno nach dacks an déi Géigend.

Nodeems si sech fir d'éischt richtig begéint sinn, freet de Siegfried d'Melusina, *fir hien ze bestueden*. Dofir muss hien awer zwou Konditiounen erfëllen: *D'Melusina wëllt op där*


*Plaz, dem Bockfiels, bleiwen, an eemol d'Woch wëllt hatt eleng sinn an op kee Fall gestéiert ginn*. De Siegfried erfëllt déi Konditiounen, hien tauscht ee vu sengen Terraine géint de Bockfiels *a mécht e Pakt mam Däiwel*, fir direkt e Schlass do bauen ze kënnen. Hie léisst d'Melusina och eemol d'Woch eleng. Si kréien e puer Kanner a liewe jorelaang glécklech zesummen um Bockfiels.

Op Dränge vu senger Frënn brécht hien awer enges Daags säi Versprieche(n) *luusst duerch d'Schlëssellach, fir ze gesinn, wat d'Melusina mécht, wann hatt eleng ass*.

Do gesäit hien, datt hatt *e Fëschschwanz huet, also eng Nix ass*.

Doropshin *spréngt d'Melusina an d'uelzecht a verschwënnt fir ëmmer*.

Just all siwe Joer *kënnt hatt a Mënschegestalt erëm a waart drop, datt een hatt erléist*.




©weydesign.lu

# D'Festungsgeschicht vu Lëtzebuerg


1. Kuckt d'Fotoen. Wat gesitt Dir op de Fotoen? Probéiert, d'Plaz ze definéieren. Diskutéiert zesummen an der Klass.



©LCTO



©Marc Lazzarini



©LCTO



©Marc Lazzarini



©Marc Lazzarini

2. Liest den Titel vum Text op der nächster Säit. Wat fir Informatiounen mengt Dir, dass een an deem Text kritt? Diskutéiert zesummen an der Klass a sammelt Är Iddien.

3. Kuckt d'Wieder an der Këscht. Sicht déi Wieder am Text a markéiert se. (D'Verbe kënnen och konjugéiert sinn.)

ausbauen  
befestegen  
Belagerung  
eruewern  
feindlech Attacken

Festung  
Festungsmauer  
Festungsanlag  
Gefor  
Herrschaft

Kasematten  
Krich  
ofbauen  
sech ausbreeden  
sech niddersloossen

(sech) schützen  
sécher  
Schleefung  
Tauschdokument  
Tosch

# D’Festungsgeschicht vun der Stad Lëtzebuerg

- 01 Den Numm „Lucilinburhuc“ heescht esou vill wéi „kleng Buerg“ an daucht fir d’éischt an engem Tauschdokument op. Bei dësem Tosch krut de Grof Siegfried am Joer 963 e klengt
- 05 Kastell no beim Bockfiels an en huet sech do niddergelooss. Dëst gëtt als Ufank vu Lëtzebuerg als Stad ugesinn. Am Joer 965 ass dunn och déi éischt Festungsmauer gebaut ginn, déi d’Buerg viru feindlechen Attacke geschützt huet.
- 10 Ëm d’Joer 1200 huet d’Buerg onbedéngt misse vergréissert ginn an dofir ass parallel zu der éischter Mauer nach eng zweet Festungsmauer gebaut ginn. Dës zweet Mauer war op der Héicht
- 15 vun der haiteger Rue du Fossé.

Am 13. Joerhonnert ass d’Stad ëmmer méi grouss ginn an d’Leit hu sech och virun de Maueren niddergelooss. Tëscht 1320 an 1398, ënnert der Herrschaft vum Jang de Blannen, sengem

20 Fils Wenzel I.\* a sengem Neveu Wenzel II.\*, gouf d’Festungsanlag vun der Uewerstad du weider vergréissert an, fir déi éischt Kéier, gouf och de Gronn befestegt. En Deel vun dëser drëtter Mauer ronderëm d’Buerg, déi och d’Leit

25 am Dall schütze sollt, ass ënnert dem Wenzel II. entstanen an dréit och haut nach säin Numm (déi sougenannt „Wenzelsmauer“).

- Vum Joer 1443 un huet d’Stad Lëtzebuerg sech als eng vun de sécherste Festunge vum
- 30 ganze Kontinent entwéckelt an huet eng Roll an de geostrateegesche Machtkämpf an Europa gespillt. Vun do un a bis zu senger Onofhängegkeet am Joer 1839 stoung Lëtzebuerg ënnert burgundescher, spuenescher, franséischer,
- 35 éisträichescher an hollännescher Herrschaft. Wéinst der stänneger Gefor vu Krich a Belagerung ass d’Festung an deem Zäitraum ëmmer weider ausgebaut an optimiséiert ginn. Déi éischt Kasemate sinn 1644 ënnert der
- 40 Herrschaft vun de Spuenier entstanen.

- Nodeems de Louis XIV.\* d’Festung 1684 eruewert hat, sinn du vum franséischen Ingenieur Vauban ganz grouss Aarbechten un der Festung gemaach ginn. Bannent véier Joer hunn eng
- 45 3000 Aarbechter südlech vum Péitrusdall, nord-östlech vum Pafendall an op der Rumm Festungsanlage gebaut an déi sougenannt Péitrus-Kasemate weider ausgebaut. 1745, ënnert der Herrschaft vun den Éisträicher, sinn dunn nach d’Bock-Kasematten op enger Längt vun 110 Meter derbäikomm. D’Gesamtlängt vun de Kasematten hat 23 Kilometer a war iwwert e puer Etagë bis zu 40 Meter ënnert dem Buedem ugeluecht. Wéinst dëser impressionanter
- 55 Festungsanlag ass d’Stad Lëtzebuerg och als „Gibraltar vum Norden“ bezeechent ginn.

- Déi geschichtlech Entwécklungen am 19. Joerhonnert, déi zu der Souveränitéit an zu der Neutralitéit vu Lëtzebuerg geféiert hunn, hu mat sech bruecht, datt d’Festungsanlagen no an no nees ofgebaut goufen. Dëse Prozess huet 16 Joer gedauert. Duerch d’Schleefung vun der Festung konnt d’Stad sech du weider ausbreeden an eng ganz Rei nei Quartiere sinn entstanen.
- 65 D’Iwwerreschter vun de Festungsanlage kann een nach op ville Plaze ronderëm de Stadzentrum bewonneren.

*\*Aussprooch: Wenzel den Éischten, Wenzel den Zweeten, Louis de Véierzéngten*



©Wikimedia Commons

4. Klärt elo déi onbekannt Wierder aus der Aufgab 3 zesummen am Grupp.

5. Liest den Text elo ganz an notéiert fir all Datum e wichtegt Evenement vun der Festungsgeschicht vun der Stad Lëtzebuerg.

963:	..... .....
965:	..... .....
1200:	..... .....
13. Joerhonnert:	..... .....
1320-1398:	..... .....
1443:	..... .....
1644:	..... .....
1684:	..... .....
1745:	..... .....
19. Joerhonnert:	..... .....
1839:	..... .....



6. Sicht am Internet Informatiounen a Fotoen iwwert déi verschidden Etappe vun der Festungsgeschicht a post d'Inhalter an e Padlet, deen Ären Enseignant / Är Enseignante virbereet huet.



Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op [www.padlet.com](http://www.padlet.com) a kreéiert e Padlet no dësem Modell:

padlet  
Angie Gessch · 4mo  
Zäitlinn vun der Festungsgeschicht  
Sicht am Internet Informatiounen a Fotoen iwwert déi verschidden Etappe vun der Festungsgeschicht a post d'Inhalter ënnert dee richtigen Datum.

- 963: De Grof Siegfried léisst sech um Bockfiels niddler. Dat ass den Ufank vu Lëtzebuerg als Stad.
- 1320-1398: Ënnert der Herrschaft vum Jang de Blannen, dem Wenzel I. an dem Wenzel II., gëtt d'Befestigungsanlag vun der Uewerstad weider vergréissert an och de Gronn gëtt, fir déi éischt Kéier, befestegt.
- 1684-1688: De franséischen Ingenieur Vauban léisst Festungsanlage südlech vum Péitrusdall, nord-östlech vum Pafendall an um Rham-Plateau bauen an déi sougenannt Péitrus-Kasematten gi weider ausgebaut.
- 1745: D'Bock-Kasematten entstinn. D'Festung vun der Stad Lëtzebuerg gëtt als "Gibraltar vum Norden" bezechent.
- 19. Joerhonnert: D'Festungsanlage vun der Stad Lëtzebuerg ginn no an no nees ofgebaut.

opdauchen	
Tauschdokument (n)	
Tosch (m)	
sech nidderloossen	
Festungsmauer (f)	
feindlech Attacken (pl)	
(sech) schützen	
vergréisseren	
haiteg	
Festungsanlag (f)	
befestegen	
entstoen	
Festung (f)	
gëllen als	
eng Roll spillen	
Machtkampf (m)	
Onofhängegkeet (f)	
Herrschaft (f)	
stänneg Gefor (f)	
Krich (m)	
Belagerung (f)	
ausbauen	
Kasematten (pl)	
erueweren	

uleeën	
zu eppes féieren	
eppes mat sech bréngen	
ofbauen	
Schleefung (f)	
sech ausbreeden	

1. Kuckt d'Fotoen. Wat gesitt Dir op de Fotoen? Probéiert, d'Plaz ze definéieren. Diskutéiert zesummen an der Klass.

- Foto 1 = Wenzelsmauer/Bockkasematten
- Foto 2 = De Bockfiels
- Foto 3 = Uewerstad + Kierchbiereg am Hannergrond
- Foto 4 = De Gronn
- Foto 5 = Op der Rumm

5. Liest den Text elo ganz an notéiert fir all Datum wichteg Elementer vun der Festungsgeschicht vun der Stad Lëtzebuerg.

Zum Beispill:

963:

**De Grof Siegfried léisst sech no beim Bockfiels nidder. Dat ass den Ufank vu Lëtzebuerg als Stad.**

965:

**Déi éischt Festungsmauer ronderëm d'Buerg gëtt gebaut.**

1200:

**D'Buerg muss vergréissert ginn an dofir gëtt parallel zu der éischer Mauer nach eng zweet Festungsmauer gebaut.**

13. Joerhonnert:

**D'Stad gëtt ëmmer méi grouss an d'Leit loosse sech och virun de Maueren nidder.**

1320-1398:

**Ënnert der Herrschaft vum Jang de Blannen, dem Wenzel I. an dem Wenzel II., gëtt d'Befestigungsanlag vun der Uewerstad weider vergréissert an de Gronn gëtt, fir déi éischt Kéier, befestegt.**

vu 1443 un:

**Vum Joer 1443 un entwéckelt d'Stad Lëtzebuerg sech als eng vun de sécherste Festunge vum ganze Kontinent a spillt eng Roll an de geostrateegesche Machtkämpf an Europa.**

1644:

**Déi éischt Kasematten entstinn.**

1684:

**De franséschen Ingenieur Vauban léisst Festungsanlage südlech vum Péitrusdall, nord-östlech vum Pafendall an op der Rumm bauen. Déi sougenannt Péitrus-Kasematte gi weider ausgebaut.**

1745:

**D'Bock-Kasematten entstinn. D'Festung vun der Stad Lëtzebuerg gëtt als „Gibraltar vum Norden“ bezeechent.**

19. Joerhonnert:

**D'Festungsanlage vun der Stad Lëtzebuerg ginn no an no nees ofgebaut.**

1839:

**Lëtzebuerg gëtt onofhängeg.**

# Exposé iwwert eng Visitt

1. Kuckt d'Lëscht a sicht Iech e Musée oder en Tour eraus, deen Iech interesséiert. Maacht eng Visitt a sammelt Informatiounen iwwert d'Geschicht vu Lëtzebuerg, fir datt Dir e kleng Virtrag doriwwer preparéiere kënnt.

An der Stad:

- Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ([www.mnha.lu](http://www.mnha.lu))
- Lëtzebuerg City Museum ([www.citymuseum.lu](http://www.citymuseum.lu))
- Musée Dräi Eechelen ([www.m3e.public.lu](http://www.m3e.public.lu))
- D'Péitrus-Kasematten  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/castle/casemates-de-la-petrusse>)
- D'Bock-Kasematten  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/castle/casemates-du-bock>)
- Vauban-Trëppeltour  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/walking/circuit-pedestre-vauban-luxembourg>)
- Wenzel-Trëppeltour  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/walking/circuit-pedestre-wenzel-luxembourg>)

Am Norden:

- Nationale Musée fir Militärgeschicht zu Dikrech ([www.mnhm.net](http://www.mnhm.net))
- Musée vun der Ardennenoffensiv zu Clief  
(<https://www.clervaux.lu/fr/musee-de-la-bataille-des-ardennes-1.html>)
- Den General Patton Memorial Museum zu Ettelbréck ([www.patton.lu](http://www.patton.lu))

Am Süden:

- Nationale Minnemusée zu Rëmeleng  
(<https://www.visitluxembourg.com/fr/adresse/museum/musee-mines-rumelange>)
- De Minett-Park am Fond de Gras ([www.minettpark.lu](http://www.minettpark.lu))
- Eng Visite guidée mam Vëlo um Belval „De Minettsbaseng: vun der Vergaangenheet bis an d'Zukunft“ (<https://www.fonds-belval.lu/index.php>)

2. Preparéiert Ären Exposé fir d'éischt schrëftlech. Orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner. Presentéiert Ären Exposé duerno an der Klass.

<b>Titel</b>	Eng Visitt am ...
Wielt e passenden Titel.	En Tour duerch ...
<b>Aleedung</b>	Mat mengem kuerzen Exposé géif ech Iech gär ... virstellen.
Erkläert an der Aleedung, wat Dir besicht hutt.	Deen ass ... Momentan gëtt et do eng Ausstellung zum Thema ... Oder: Do fënnt een eng permanent Ausstellung iwwe ... Ech sinn dohinner gaangen, well ...
<b>Generell Beschreibung vun der Visitt</b>	Ech hunn eng Visite guidée matgemaach, well ...
Gitt virun allem praktesch Informatiounen zur Visitt.	Dee guidéierten Tour huet ... gedauert a war op ... Den Tour war vun ... organiséiert. Oder: Ech hunn d'Visitt op eege Fauscht gemaach, well ... Fir méi Informatiounen ze kréien, kann een en Audioguide lounen / eng Broschür kafen / eng App eroflueden ... D'Entrée / D'Visite guidée / Den Audioguide kascht ... Generell huet d'Visitt mer ... gefall, well ...
<b>Detailléiert Beschreibung vun der Visitt</b>	Wat mer ganz speziell gefall huet, war ... (e Sall, en Objet, eng Plaz)
Beschreift e puer Aspekter am Detail.	Do kann een ... gesinn. Do kritt een ... erkläert. Et gëtt e Lien mat der Lëtzebuurger Geschicht, an zwar ... Dat fannen ech interessant, well ...
<b>Schluss</b>	Zum Schluss wëll ech soen, datt ...
	Merci fir Är Opmierksamkeet. Hutt Dir nach Froen?

# Resumé vun enger So, engem Märchen, enger Fabel oder enger Legend



## HV D'So vum Melusina

1. Vergläicht den Text vun der So vum Melusina mam Resumé. Ënnersträicht am kompletten Text déi Elementer, déi een am Resumé erëmfënnt.

### D'So vum Melusina (Transkript vum Lauschertext)

Viru laanger Zäit gouf et e Grof zu Lëtzebuerg, dee Siegfried geheescht huet. Hien huet an engem Schlass zu Käerch gewonnen an et gëtt gesot, datt hien e gudde Jeeër war. Enges Daags awer huet hie sech verlaf, wéi hien op der Juegd war. En ass op eng Plaz komm, déi hien nach net kannt huet, mee déi him direkt gutt gefall huet. Et war en enken Dall, duerch deen e kleng Floss gelaf ass an dee vun impressionnante Fielsen ëmgi war. Hie war am Uelzechtall gelant an huet vu Wäitem de Bockfiels mat enger aler, verfallener Ruin gesinn. Op eemol huet hien en herrleche Gesang héieren. Hien huet ronderëm gekuckt a probéiert erauszefannen, wou déi Téin hierkéimen, an dunn huet hien uewen op den Iwwereschter vun der aler Buerg eng wonnerschéi Fra gesinn. Mat de leschte Strale vun der Owessonn ass déi Silhouette awer verschwonnen. Den dapere Ritter war och ze midd, fir sech op d'Sich no där Fra ze maachen, dofir huet hie sech an d'Gras geluecht a bis den anere Moie geschlof. Gutt ausgerout huet hien dunn ouni Problem den Heemwee fonnt. Vun deem Dag un huet et hien ëmmer méi dacks an dës Géigend gezunn, wou hien deem schéine Gesang vum Melusina nolauschtere konnt. Dat ass dem Melusina natierlech opgefall an hatt war frou, datt de Ritter ëmmer nees zeréck a säin Dall komm ass.

Nodeems dat eng Zäitchen esou gaange war, huet d'Melusina enges Daags am Dall op de Siegfried gewaart. Wéi de Siegfried hatt erbléckst huet, ass hien direkt op hatt duergaangen an huet hatt gefrot, ob hatt hie bestuede wéilt. D'Melusina huet „Jo“ gesot, mee hatt hat zwou Konditiounen. Éischts konnt hatt net vum Bockfiels fortgoen, an zweetens huet de Siegfried him misse versprieche, hatt all Samschdeg eleng ze loossen. De Siegfried huet dës Konditiounen akzeptéiert a geschwuer, datt hie sech géif dodrun halen.

Fir d'éischt huet hie seng Lännereien zu Feele mam Abbé St. Maximin vun Tréier géint den Terrain vum Bockfiels getosch, an duerno huet hien e Pakt mam Däiwel gemaach, fir direkt iwwer Nuecht e Schlass um Bockfiels kënnen ze bauen. Duerch dee Pakt konnt de Siegfried säi Melusina schonn den Dag drop bestueden an a säi Schlass féieren. Mee no drësseg Joer géing den Däiwel dofir dem Siegfried seng Séil kréien.

De Siegfried an d'Melusina hu laang Joren zesummen am Schlass um Bockfiels gelieft. Si hu Kanner kritt an haten e glécklecht Liewen. All Samschdeg huet d'Melusina sech a seng Kummer zeréckgezunn an de Siegfried huet dem Melusina säi Wonsch jorelaang respektéiert an ni gefrot, firwat hatt dat maache géif. Dem Siegfried seng Frënn allerdéngs hunn dat ganz komesch fonnt a si hunn hien ugestëppelt erauszefannen, wat seng Fra ëmmer samschdes an hirer Kummer mécht. De Siegfried konnt sengem Virwëtz net méi widderstoen, ass op Zéiwespëtze bei dem Melusina seng Dier gaangen an huet duerch d'Schlëssellach gelusst. D'Melusina louch an enger grousser Buedbitten an huet seng laang blond Hoer gekämmt. Wéi hien awer méi genee gekuckt huet, ass hie fierchterlech erfieert. D'Melusina hat nämlech keng Been, mee e Fëschschwanz amplaz!

Dem Melusina war et net entgaangen, datt de Siegfried säi Versprieche gebrach hat. Hatt ass aus der Fënster eraus an d'Uelzecht gesprongen an ass ni méi bei de Siegfried zeréckkomm.

Et gëtt awer gesot, datt d'Melusina nach ëmmer beim Bockfiels an der Uelzecht lieft an datt hatt all siwe Joer a mënschlecher Gestalt optrëtt a probéiert, een ze fannen, deen hatt erléise kann.

## Resumé

D'So handelt vum Grof Siegfried a senger Fra, dem Melusina. Si spillt am Mëttelalter zu Lëtzebuerg um Bockfiels.

De Grof Siegfried gesäit enges Daags während enger Juegd bei den Iwwerreschter vun enger aler Bueg eng wonnerschéi Fra, d'Melusina. Hien ass direkt a si verléift a geet duerno nach dacks an déi Géigend. Nodeems si sech fir d'éischt richtig begéint sinn, freet de Siegfried d'Melusina, fir hien ze bestueden. Dofir muss hien awer zwou Konditiounen erfëllen: D'Melusina wëllt op där Plaz, dem Bockfiels, bleiwen, an eemol d'Woch wëllt hatt eleng sinn an op kee Fall gestéiert ginn. De Siegfried erfëllt déi Konditiounen, hien tauscht ee vu sengen Terraine géint de Bockfiels a mécht e Pakt mam Däiwel, fir direkt e Schlass do bauen ze kënnen. Hie léisst d'Melusina och eemol d'Woch eleng. Si kréien e puer Kanner a liewe jorelaang glécklech zesummen um Bockfiels. Op Dränge vu senger Frënn brécht hien awer enges Daags säi Verspriechechen a luusst duerch d'Schlëssellach, fir ze gesinn, wat d'Melusina mécht, wann hatt eleng ass. Do gesäit hien, datt hatt e Fëschschwanz huet, also eng Nix ass. Doropshi spréngt d'Melusina an d'Uelzecht a verschwënnt fir ëmmer. Just all siwe Joer kënnst hatt a Mënschegestalt erëm a waart drop, datt een hatt erléist.

## 2. Schreift e Resumé vun enger So, engem Märchen oder enger Legend aus Ärem Land / aus Ärer Kultur.

Hei sinn e puer Rotschléi, fir de Resumé ze schreiwen:

Notéiert déi wichtegst Elementer aus dem Text, deem Dir resuméiere wëllt.  
Orientéiert Iech un de W-Froen: Wie sinn d'Personnagen? Wou a wéini spillt d'Geschicht? Ëm wat geet et?

Strukturéiert de Resumé: Notéiert e puer Stéchwierder oder Sätz fir all Partie.  
Loosst d'Detailer ewech a konzentréiert Iech op dat Weesentlecht.

Gitt den Text an eegene Wierder erëm. Formuléiert sachlech, benotzt de Present an déi indirekt Ried. Passt op, datt d'Zesummenhäng kloer sinn an déi eenzel Sätz logesch matenee verbonne sinn.

Schreift maximal 200 Wierder.



# D'Textzorte So, Märchen, Legend a Fabel



HV D'So vum Melusina

1. Liest den Text iwwert d'Textzort So. Fannt an der So vum Melusina konkret Beispiller, déi déi verschidden Elementer vun där Textzort illustréieren. Vergläicht an diskutéiert duerno a kleng Gruppen.

## So weiblecht Substantiv (Pluriel Soen)

DE Sage FR légende [récit populaire] EN tale, legend PT lenda [narrativa popular]

Beispiller

enger aler So no soll eng Hex an dësem Bësch gewunnt hunn

mäin ale Schoulmeeschter huet all d'Soen aus der Ëmgegend opgeschriwwen

Synonym Seechen

(©Screenshot aus dem Lëtzebuerg Online Dictionnaire, www.lod.lu, 08.12.21)

D'So ass eng kuerz Prosaerzielung, déi meeschtens mëndlech iwwerliwwert ginn ass an déi als Thema iwwernatierlech Evenementer huet. An de Soe komme souwuel mystesch Wiesen (zum Beispill Zwergen, Risen a Mierjofferen) wéi och Persounen, déi reell existéiert hunn, vir. Eng So huet normalerweis méi e grouse Bezuch zur Realitéit wéi e Märchen, well se zäitlech relativ festgeluecht ass a sech dacks op eng bestëmmt Plaz bezitt.

An de Soe fënnt een dacks e wouere Kär. Si ginn op aussergewöhnlech Evenementer zeréck, déi wierklech geschitt sinn an déi duerch deelweis magesch a mystesch Elementer ergänzt ginn. D'Motiv vun der Erléisung kënn dacks vir. Typesch fir eng So ass och, datt se stänneg un de Geescht vun der Zäit an un d'Vollek adaptéiert gëtt. Dat erkläert, firwat et esou vill verschidde Versiounen vun enger So ka ginn. D'Soe spigelen deemno och de Stand vun deem, wat d'Vollek an enger bestëmmter Zäit gleeft huet, erëm.

### Informatioun fir d'Léierpersoun

Deelt d'Klass an op d'mannst dräi Gruppen. All Grupp liest ee vun deenen dräi Texter iwwert d'Textzorte Märchen, Legend a Fabel.

## Grupp 1

2. Liest den d'Text iwwert d'Textort Märchen. Schafft mateneen, fir de Vocabulaire ze klären. Sicht zesummen Informatiounen iwwer:  
 • d'Plazen an d'Zäit • d'Handlung • d'Personnagen  
 Notéiert Stéchwierder dozou an den Tablo.

### Märchen sächlecht Substantiv (Pluriel Mäercher)

DE Märchen FR conte (de fées) EN fairy story PT conto (de fadas) 🖱

Beispiller

meng Bomi huet eis e Märche virgelies

verziel mer dach keng Mäercher! [égs] [verziel mer dach keng Ligen!]

(©Screenshot aus dem Lëtzebuerg Online Dictionnaire, www.lod.lu, 08.12.21)

D'Märchen ass eng kuerz Prosaerzielung, an där iwwer deelweis magesch an iwwernatierlech Evenementer geschwat gëtt an d'Naturgesetzter ausser Kraaft gesat sinn. D'Märchen ass weeder un eng Plaz nach un eng Zäit gebonnen. Dacks gi Géigesätz thematiséiert (z. B. aarm a räich, gutt a béis, schéin an ellen). D'Figuren hu kee Realitéitsbezug an hunn dacks emol keen Numm. Si ginn duerch hir Roll bezeechent (z. B. d'Mëllermeedchen, d'Prinzessin, de Bauerejong) oder si hunn en Numm, dee si charakteriséiert (Schneewittchen, well seng Haut wéi Schnéi ass, oder Däumling, well hie just esou grouss wéi en Daum ass). D'Mäercher spillen dacks an engem Bësch oder an engem Schlass, ouni datt preziséiert gëtt, wou dat genee ass. Et fënnt een dacks déi selwecht Requisiten, wéi e Schlëssel, e Rank oder en Zauberspiegel. Och den Oflaf vun der Handlung ass meeschtens änlech an zum Schluss gewënnt normalerweis dat Gutt.

Raum- an Zäitbezug, Plazen	Handlung	Figuren / Personnagen

## Grupp 2

2. Liest den d'Text iwwert d'Textzort Legend. Schafft mateneen, fir de Vocabulaire ze klären. Sicht zesummen Informatiounen iwwer:  
 • d'Plazen an d'Zäit • d'Handlung • d'Personnagen  
 Notéiert Stéchwierder dozou an den Tablo.

### Legend weiblecht Substantiv (Pluriel Legendes)

DE Legende [Erzählung] FR légende [fable] EN legend [story] PT lenda [narrativa]

Beispill

iwwer deen doten Hellege gëtt et vill Legendes

(©Screenshot aus dem Lëtzebuenger Online Dictionnaire, www.lod.lu, 08.12.21)

D'Legend huet e wouere Kär mat engem dacks reliésen Hannergrond. An de Legende gi meeschtens virbildlech Liewensgeschichte vun Hellegen, Märtyrer oder änleche Personnagen oder reliés Evenementer wéi Wonnerheelungen oder Erscheinungen erzielt. D'Legend huet eng literaresch Traditioun, se ass a Prosa oder a Versform geschriwwen a ass geduecht, fir virgelies ze ginn. D'Legend huet e ganz staarke Realitéitsbezug; souwuel d'Persounen wéi och d'Plazen hu reell existéiert a gi konkret benannt. Prinzipiell gëtt et zwou Zorte vu Legendes, d'Hellegelegend an d'Vollekslegend. D'Vollekslegend huet net ëmmer e Bezug zum Glawen, huet awer trotzdem Figuren, déi virbildlech handelen.

Raum- an Zäitbezug, Plazen	Handlung	Figuren / Personnagen

## Grupp 3

2. Liest den d'Text iwwert d'Textzort Fabel. Schafft mateneen, fir de Vocabulaire ze klären. Sicht zesummen Informatiounen iwwer:  
 • d'Plazen an d'Zäit • d'Handlung • d'Personnagen  
 Notéiert Stéchwierder dozou an den Tablo.

### Fabel weiblecht Substantiv (Pluriel Fabelen)

DE Fabel [Erzählung] FR fable EN fable [story] PT fábula [narrativa]

Beispill

de Schoulmeeschter huet de Kanner eng Fabel gelies

(©Screenshot aus dem Lëtzebuenger Online Dictionnaire, www.lod.lu, 08.12.21)

D'Fabel ass eng kuerz Erzielung a Prosa oder a Versform. An der Fabel handele virun allem Déieren, awer och emol Planzen oder Objeten, esou datt een direkt eng Parallel zu mënschlechem Verhalen erkennt. D'Fabeldéiere si staark typiséiert a sti fir mënschlech Charakterzich. An der bekannter Fabel vun der Grill an der Seechomes ginn z. B. d'Lidderegkeet an de Fläiss duergestallt. D'Geschicht déngt als Beispill, aus deem een eng Léier oder eng Moral kann zéien. Dëst geschitt awer op eng amüsant Aart a Weis. D'Zäit an d'Plaz spillen an der Fabel keng Roll.

Raum- an Zäitbezug, Plazen	Handlung	Figuren / Personnagen

3. Reorganiséiert d'Gruppen duerno esou, datt an all Grupp ëmmer op d'mannst een „Expert“ pro Textzort ass. Tauscht Iech ënnerteneen aus a fannt Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten tëschent deenen dräi Textzorten.

Typesch fir ... ass, datt ...

Eng wichteg Charakteristik vun ... ass zum Beispill, datt ...

Speziell un ... sinn z. B. ...

Anescht wéi bei ... gëtt et bei ... keng/manner/méi/ ...

De groussen Ënnerscheid tëscht ... an ... läit doran, datt ....

	Raum- an Zäitbezuuch, Plazen	Handlung	Figuren / Personnagen
So			
Märchen			
Legend			
Fabel			

mëndlech iwwerliwweren	
iwwernatierlech	
Wiesen (n)	
Zwerg (m)	
Ris (m)	
Mierjoffer (f)	
reell	
e Bezuch zur Realitéit hunn / e Realitéitsbezuch hunn	
sech op eppes bezéien	
e wouere Kär hunn	
aussergewéinlech	
Erléisung (f)	
erëmspigelen	
ausser Kraaft setzen	
un eppes gebonne sinn	
Géigesaz (m)	
Oflaf (m)	
Hannergrond (m)	
virbildlech	
Erscheinung (f)	
Verhalen (n)	
mënschleche Charakterzuch (m)	
als Beispill déngen	
eng Léier zéien aus	
eng Roll spillen	

1. Liest den Text iwwert d'Textzort So. Fannt an der So vum Melusina konkret Beispiller, déi déi verschidden Elementer vun där Textzort illustréieren. Vergläicht an diskutéiert duerno a kleng Gruppen.

Et kann een d'Geschicht vum Melusina als So definéieren, well d'Joer 963, de Bockfiels an de Bau vun der Buerg zimmlech kloer als Eckdate vun der Handlung ze erkenne sinn. D'Haaptfigur ass eng Nix, et geet drëm, datt si erléist gëtt.

2. Deelt Iech an op d'mannst dräi Gruppen op a liest ee vun deenen dräi Texter iwwert d'Textzorte Märchen, Legend a Fabel. Schafft mateneen, fir de Vocabulaire ze klären. Sicht zesummen an den Texter no Informatiounen iwwer:

- d'Plazen an d'Zäit
- d'Handlung
- d'Personnagen

3. Reorganiséiert d'Gruppen duerno esou, datt an all Grupp ëmmer op d'mannst een „Expert“ pro Textzort ass. Tauscht Iech ënnerteneen aus a fannt Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten tëschent deenen dräi Textzorten.

	Raum- an Zäitbezuuch, Plazen	Handlung	Figuren / Personnagen
So	Eng So huet e grouse Bezuuch zur Realitéit. Se ass zäitlech relativ festgeluecht a bezitt sech dacks op eng bestëmmte Plaz.	An de Soe fënnt een dacks e wouere Kär. Si ginn op aussergewéinlech Evenementer zeréck, déi wierklech geschitt sinn an déi duerch deelweis magesch a mystesch Elementer ergänzt ginn. D'Motiv vun der Erléisung kënnt dacks vir.	An enger So komme mystesch Wiesen a Personnagen, déi reell existéiert hunn, vir.
Märchen	E Märchen ass weeder un eng Plaz nach un eng Zäit gebonnen. Et gëtt net preziséiert, wou et genee ass.	Am Märche geet et ëm magesch an iwwernatierlech Evenementer. Den Oflaf vun der Handlung ass meeschtens änlech an zum Schluss gewënnt normalerweis dat Gutt.	D'Figuren am Märchen hu kee Realitéitsbezuuch an hunn dacks emol keen Numm. Si ginn duerch hir Roll bezeechent.
Legend	Eng Legend huet e ganz staarke Realitéitsbezuuch. D'Plazen hu reell existéiert a gi konkret benannt.	D'Legend huet e wouere Kär mat engem dacks reliésen Hannergrond. Et geet oft ëm virbildlech Liewensgeschichte vun Hellegen, Märtyrer oder änleche Personnagen oder ëm reliés Evenementer wéi Wonnerheellungen oder Erscheinungen.	An der Legend gëtt et e ganz staarke Realitéitsbezuuch. D'Personen hu reell existéiert a gi konkret benannt.
Fabel	D'Zäit an d'Plaz spillen an der Fabel keng Roll.	An enger Fabel déngt d'Geschicht als Beispill, aus deem een eng Léier oder eng Moral kann zéien.	D'Figuren an der Fabel si virun allem Déieren, awer och emol Planzen oder Objeten. Si si staark typiséiert a symboliséieren dacks mënschlech Charakterzich.

# Dialekt oder Sprooch!?

1. Liest den Artikel iwwert d'Lëtzebuenger Sprooch. Markéiert am Text déi wichtegst Eckdaten.

2. Liest den Artikel nach eng Kéier an notéiert a Stéchwierder wichteg Entwécklungen an der Geschicht vum Lëtzebuergesch.

## „Dialekt oder Sprooch!?“

Duerch den Abrëll-Programm vum 100,7 huet sech d'Thema Sproochen a Literatur wéi e roude Fuedem gezunn.

Eis Sproochesituatioun gouf an de leschte Jore bei deenen ënnerschiddlechste Geleeënheeten an op verschidde Manéiere kontrovers diskutéiert: Sief et am Kontext vun der duebler Nationalitéit, dem neie Schoulgesetz, der UNESCO-Lëscht fir Sproochen, déi um ausstierwe sinn oder an honnerte Lieserbréiwer, déi di kompetentst Akademiker bis zu dilettanteschste Populisten op der Plang ruffen. De Claude Mangen mecht an der Kulturchronik e kuerzen Exkurs an d'Geschicht a verréit seng Meenung iwwer den aktuelle Sproochendebat.

Ass Lëtzebuergesch eng Sprooch oder en Dialekt? Sproochwëssenschaftler hale sech an där Diskussioun gären hannerwands a mengen, heirop géif et keng honnertprozenteg Wourecht. Wou d'Lëtzebuergesch hierkënnt, wësse mer. Réischt kierzlech hat d'Nationalbibliothék eis heirop higewise mat der Ausstellung vum *Codex Mariendalensis*. „It was yn dutschen landen / ein grauf zu vyanden...“, sou fänken ëm d'Joer 1300 dem Dominikanerpater Hermann von Veldenz seng 6 000 Versen iwwer d'Geschicht vun der Yolanda vu Veianen un. Dës Erzielung huet hien net op Latäin, mä an der Sprooch vum Vollek verfaasst: Muselfränkesch, eng Variant vum Westmëttele däitschen – eng westgermanesch Sprooch. En Dialekt ënner villen, well d'Houdäitsch, wéi mir et haut kennen, gouf et net. Schrëftsprooch war d'Latäin.

Ufank vum 19. Joerhonnert kritt déi geschwaten Alldagsprooch aus dëser Géigend mam Antoine Meyer sengem *Schrek op de Lëtzebuenger Parnass* eng éischt Kéier Schrëftform. Eng Orthographie oder Grammatik gouf et keng. Dat entwéckelt sech alles réischt no 1839 nodeems Land a Sprooch politesch verbonne goufen. Den Dialekt war d'Séil vum Vollek, och wa rieds gung vu „lëtzebuenger Däitsch“. Datt d'Lëtzebuergesch duerch dee groussen Afloss vum Franséischen anescht war

wéi déisäit der Musel an der Our, konnt deemools kee verleege. Pionéier wéi Dicks, Lentz a Rodange hunn dem Dialekt op d'Spréng gehollef, och wann d'Franséisch d'Sprooch vum Biergertum blouf. Salonfähég war d'Lëtzebuergesch net, a wéi de sozialisteschen Deputéierte Caspar Mathias Spoo 1896 virgeschloen huet, d'Debaten an der Chamber op Lëtzebuergesch zouzeloossen, hu se all de Kapp gerëselt. An dach gouf 1897 eng Kommissioun agesat fir en Diktionnär an et ass eng offiziell Orthographie ausgeschafft ginn. 1912 gouf d'Lëtzebuergesch per Schoulgesetz e Fach am Primaire. Den zweete Weltkrich bréngt dem Dialekt duerch de Referendum vu 1941 den definitiven Duerchbroch zu eppes wéi enger nationaler Sprooch. Héich Literatur bleift awer virun op Däitsch a Franséisch bis an d'70er an d'80er Joren, wou eng jonk Generatioun Auteuren d'Lëtzebuergesch entdeckt a virun entwéckelt. Zënter 1984 – réischt 25 Joer deemno – ass d'Positioun vum Lëtzebuergesch gesetzlech festgehalten. Dës puer historiesch Date fir festzehalen, datt d'Entwécklung vum Dialekt zur Sprooch extrem rezent ass a nach laang net ofgeschloss.

Haut ass d'Lëtzebuergesch méi monter a lieweg wéi jee. Et gouf nach ni souvill Lëtzebuergesch geschriwwen wéi haut, am Alldag oder op literareschem Niveau, och wa vill Lëtzebuenger dat anescht erliewen an ëmpfannen. Keen Deputéierte schwätzt eppes anescht an der Chamber wéi Lëtzebuergesch. Datt dat net méi eleng d'Sprooch

Claude Mangen

Et gouf nach ni souvill Lëtzebuergesch geschriwwen wéi haut, am Alldag oder op literareschem Niveau, och wa vill Lëtzebuenger dat anescht erliewen an ëmpfannen.

De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm um radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer


Quell: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, Ausgab 287, S. 49 f., 2009.



vum Vollek ass, wësse mer. Et brauch haut kee méi Lëtzebuergesch ze kënnen, fir an dësem Land ze liewen an ze schaffen. Et sinn der awer vill, déi et trotz allem wëlle léieren. D'Beméiunge fir d'Lëtzebuergesch, sief et an der Recherche, an der Educatioun oder anere Liewensberäicher, ginn an déi richteg Richtung, deenen engen ze wait, aneren ze lues. D'Sprooch entwéckelt sech virun, mir mussen et just zouloossen. Doraus entsteet Neies, vläicht Ongewinntes.

Wann een an engem Reportage op der Televisioun iwwert de Folklorfestival zu Wolz jonk Leit a portugieseschen Truchten héiert op Lëtzebuergesch iwwer traditionell portugiesesch Folkloränz zielen, ass dat schonn ongewinnt. De portugiesesch Folklor gehéiert zu hinne wéi déi Lëtzebuerg Sprooch. Däer Beispiller ginn et nach.

Mir brauchen eis keng Suergen ze maachen iwwer d'Zukunft vun eiser Sprooch. Réischt wann de Pöpst eis eng Kéier net méi op Lëtzebuergesch „Frou a geseent Ouschtere“ wënscht, gött et kriddelech! ♦



Quell: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, Ausgab 287, S. 49 f., 2009.

3. Den Titel vum Artikel ass „Dialekt oder Sprooch!?“. Kritt een am Artikel eng Äntwert op dës Fro? Wa jo, wou?

4. Wat fir Beispiller zielt den Auteur vum Artikel op, fir ze beweisen, datt Lëtzebuergesch eng ganz lieweg Sprooch ass?

# Heemechtssprooch

1. Liest fir d'éischt de leschten Abschnitt vum Caspar Mathias Spoo senger Ried „Heemechtssprooch“ vum 9. Dezember 1896 an äntwert op déi zwou Froen.

Wie war de Caspar Mathias Spoo? A wat fir engem Kontext huet hien dës Ried gehalten?

2. Liest elo déi ganz Ried. Wat ass d'Haapttheema vun der Ried?

3. Wat fir Grënn nennt de Caspar Mathias Spoo, fir dës Ried op Lëtzebuergesch ze halen? Markéiert d'Schlësselwierder am Text an diskutéiert am Grupp doriwwer.

## Heemechtssprooch

*Hémechtssprooch. Ried an der Chambersëtznok vum 9. Dezember 1896.  
[Differdange]: Déifferdange Volleksbildungsveräin 1973/74 (S. 6-8)*

Ons (...) Lëtzebuurger Autoren hunn ons de Wee gewisen, fir ons Heemechtssprooch zu enger Gebiltesprooch ze maachen. Loosst mer hirem Beispill follegen, an hirem Geescht virubauen, onsem Vollek seng Sprooch kultivéieren an net noloossen, bis datt all Lëtzebuurger se esou wuel schreiwen ewéi riede kann. Mir setzen dann och onsem Land a Vollek Grenzmaarka fir all Éiwegkeet, vill stierker a sécherer, als wa mer eng bommesécher Mauer rondëm bauen déiten.

Ech hunn ower nach dräi aner Grënn, déi mech bestëmmt hunn, hei a kenger friemer Sprooch ze rieden. Déi dräi Grënn sinn ee méi wichteg wéi deen aner; se ginn, wéi een an der Musek seet, „crescendo“, an et sinn déi hei:

Éischtens hunn ech ons Heemechtssprooch iwuer alles gier. Ech hunn se geléiert a geschriwwen vu Kanddo un an et ass déi Sprooch, déi ech wierklech vun allen anere Sproochen am beschte praktizéiere kann. Schon 1848, wéi eent vun onsem herrleche Méchel Lentz senger schéiner Lyrik, „de Komper Kueb“ erauskoum, konnt ech mir dat Lidd och schonn opschreiwen, an e puer Joer spéider, wéi onsem groussen Dicks säi „Scholdschäin“ erschéngt ass, du wor a blouf ech mäi Liewe laang derfir verkaaft.

\* \* \*

Quell: *Literaresch Welten. Eng lëtzebuergesch Anthologie an dräi Sproochen*, S. 99 f., MENPF 2012.

Zweetens, als waarme Frënd an Unhänger vum allgemenge Wiel- a Stëmmrecht, muss ech natierlech drophalen, datt ons Vollekssprooch hei an der Kammer op d'mannst déiselwecht Berechtegong huet wéi déi friem. Onsen Escher Kantong huet Léiergeld mat der friemer Sprooch ginn; en hat laang genoch grouss Leit hei sëtzen, déi net esou kéng woren, de Mond opzedoen an hir Meenong am Intressi vum Kantong a vum Land auszedrécken, well se dat an der friemer Sprooch net konnten, a well se de Mutt net haten, et an der Heemechtssprooch virzebréngen.

An engem Parlament, dat aus alle Klasse vun der Bevëlkerong zesumme gesat ass, wéi et am „suffrage universel“ jo muss sinn, do ass déi Sprooch, déi ons vu Papp a Mamm vun uralen Zäiten hier iwwerkommt ass, déi eenzeg, déi no alle Säiten an an allen Ecken vum Land gutt verstaange gëtt, während de friemen Ausdrock vernënfteger Weis näischt weider beusproche kann, als wéi toleréiert ze ginn, well et nach Leit am Land gëtt, déi hir Erzéiung an der friemer Sprooch kritt hunn.

Mäin drëtte Grond ass deen, ech son et riicht eraus, datt onst Lëtzebuerger Vollek laang genoch, jo, vill ze laang mat der friemer Sprooch iwwert d'Ouere geschlon ass ginn. Ass dat moralesch erlaabt, datt iwwert Hab a Gutt, Éier a Gléck, Liewen an Dout vun de fräie Lëtzebuerger Bierger an enger Sprooch plädéiert an ofgeuerteelt gëtt, déi néng Zéngtel dervun net verstinn?

\* \* \*

Souvill ech weess, sinn ech den éischte Lëtzebuerger Deputéierten, dee sech virgeholl huet, an der Vollekssprooch ze rieden. No mir wäerten nach aner kommen an d'Land wäert net schlecht derbäi fueren. Am Géigendeel, et wäert e ganz neien, fräie Geesch iwwert d'Héichten an d'Dällte vum Lëtzebuerger Land a Vollek zéien, wann emol seng Sprooch op eng gebilt Aart a Weis voll zur Geltong kënnt.

*Quell: Literaresch Welten. Eng lëtzebuergesch Anthologie an dräi Sproochen, S. 99 f., MENPF 2012.*

4. *De Caspar Mathias Spoo schreift zum Schluss: „No mir wäerten nach aner kommen.“  
Wéi ass d'Situatioun haut an der Chamber? Kuckt op [www.chd.lu](http://www.chd.lu).*